ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 22. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Staatsminister, Arméiminister a Minister fir déi bannenzéch Sécherheet weiderzeleeden.

Säit Enn Mee 2021 ass deen neien nationale Krisenzentrum zu Senneng a Betrib. Am Fall vun enger nationaler oder internationaler Kris kommen hei d'Spëtze vum Lëtzebuerger Staat, vun der Police, vun der Arméi, vum CGDIS a vun anere Verwaltungen zesummen, fir iwwer d'Situatioun ze beroden an Entscheedungen ze treffen. De Krisenzentrum ass mat deene modernste Kommunikatiounssystemer ekipéiert. Dofir ass et verwonnerlech, Pressartikelen no, datt dëst Gebai vun engem Gardien vun enger privater Sécherheetsfirma bewaacht gëtt.

Den Héije Kommissär fir national Sécherheet, deen dem Här Staatsminister ënnerstallt ass, äntwert am Interview mam Luxemburger Wort vum 12.1.2021 («Generalprobe bestanden») op d'Fro, ob de Krisenzentrum net misst vun engem Zaldot oder engem Polizist bewaacht ginn: «Staatsverwaltungen gehen immer mehr dazu über, private Sicherheitsfirmen zu engagieren.» An hie füügt dobäi: «Wir gehen nicht davon aus, dass das Krisenzentrum attackiert wird.»

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Ministeren:

1) Mat wéi enger Begrënnung geet d'Regierung dervun aus, datt deen nationale Krisenzentrum net attackéiert gëtt?
2) Kann d'Regierung preziséieren, wéi et zur Decisioun koum, eng privat Sécherheetsfirma fir d'Bewaache vum Gebai ze engagéieren? Si Police an Arméi bei dëser Entscheedung consultéiert ginn? Wéi vill aner sensibel staatlech Infrastrukture gi vu private Firme bewaacht?
3) Kann d'Regierung erklären, wéi wäit déi Pläng avancéiert sinn, fir eng Carrière vum «gardien de l'armée» anzeféieren? Wann et déi bis gëtt, ass da geplangt, fir sécherheetsrelevant Infrastrukturen, wéi den nationale Krisenzentrum zu Senneng, duerch esou Leit bewaachen ze loossen?
4) Am genannten Interview weist den Héije Kommissär fir national Sécherheet drop hin, datt d'Aganksdiere vum Krisenzentrum «nicht mit handelsüblichen Türen zu vergleichen» sinn. Gi bei esou Infrastrukturen déi héchsten international Sécherheetsnormen, respektiv Vergläichswäerter, fir sensibel Infrastrukture respektéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742